n° 3441

Fernand Etgen
Président de la chambre des députés
Luxembourg
13.01.2021

REÇU
Par Alff Christian , 16:45, 13/01/2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Edukatiounsminister weider ze leeden.

Laut Aussoe vum Ombuds-Comité fir d' Rechter vu Kanner a Jugendlecher feelt et u Mediateure fir bei *affaires familiales* ze intervenéieren. Dobäi ass d'Mediatioun awer recommandéiert fir a Situatioune wéi zum Beispill Scheedungen ze agéieren. Si spillen an deem Kontext eng wichteg Roll an droen dozou bäi datt d' Prozedure méi schnell kenne gereegelt ginn.

Op Grond vun dësen Informatioune wollt ech folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Ass den Här Minister au Courant vun dësem Manktem u Mediateuren?
- Wa jo, wat gedenkt den Här Minister ze ënnerhuele fir eng méi grouss Unzuel u Mediateuren ze kréien?
- Ass an dësem Kontext eng gréisser Recrutementsphase geplangt?
- Wéi eng Formation de Base muss een hunn fir kenne Mediateur ze ginn?

Här President, ech bieden Iech main déifste Respekt unzehuelen.

Françoise Hetto

Deputéiert

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 13 janvier 2021

Objet : Question parlementaire n° 3441 du 13.01.2021 de Madame la Députée Françoise Hetto-Gaasch - Médiation familiale

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés